CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 AOUT 2019
1134

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg, den 29.August 2019

Här President,
Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Edukatiounsminister weider ze leeden.

Säit engem Joer ass *d'Loi du 10 août 2018 relative à la modification de la mention du sexe et du ou des prénoms à l'état civil et portant modification du Code civil* an Kraaft.
Bis ewell hunn 38 Persounen Numm a Geschlecht changéiert.

An deem Kontext well ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann de Minister confirméieren, dass den Educatiounsministère keen neien Diplom (un di Persounen, di hiren Diplom nach mam aneren Numm an Geschlecht ofgeschloss hunn) no enger Ännerung vu Numm a Geschlecht ausstellt, esou dass Identitéitspabéieren an all anert ofzielt Dokument net mam Diplom iwwertenee stëmmt?

- Falls dem esou ass, ass de Minister sech bewosst, dass esou all Persoun déi op enger Universitéit oder bei engem potentiellen Patron säin Diplom muss ofginn, gezwongen ass sech als transident ze outen, sech esou engem enorme psycheschen Drock aussetzt an eventuell guer Gefor leeft op Grond vun senger Trans-Identitéit diskriminéiert/ofgelehnt ze ginn?

- Falls dem esou ass, envisagéiert de Minister dëst schnellstméiglechst ze redresséieren a Persounen déi op Basis vun dem Gesetz vun 2018 hiert Geschlecht an Numm änneren an Zukunft een neien Diplom auszestellen?

Mat déiwem Respekt,

Paul Galles
Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 7 octobre 2019

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 OCT. 2019

**Concerne: question parlementaire n° 1134 de Monsieur le Député Paul Galles**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Paul Galles.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 OCT. 2019

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 7 octobre 2019

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1134 de Monsieur le Député Paul Galles**

Den Här Deputéierte Paul Galles huet eng parlamentaresch Ufro am Kontext vun der Ännerung vum Geschlecht oder vun de Virnimm am État civil gestallt a freet, ob d'Diplomer, déi virun dëse Modificatiounen ausgestallt goufen, nodréiglech geännert ginn.

D'Ännerung vum Geschlecht an/oder vum Virnumm musse laut dem Gesetz vum 10. August 2018 an d'Register vum État civil agedroe ginn. Dës Ännerunge gëlle fir d'Zukunft, hunn awer kee retroaktiven Effekt. Fir d'Rechtssécherheet ze garantéieren, gëtt en Diplom just eng Kéier ausgestallt. Diplomer a Certificaten, déi eng Persoun kritt, ginn op deen Numm an dat Geschlecht ausgestallt, déi dës Persoun zum Zäitpunkt vun der Examensdecisioun hat.

Den Här Deputéierten argumentéiert, wann eng Persoun no esou enger Ännerung op enger Universitéit oder bei engem Patron hiren Diplom virweise misst, géifen hir perséinlech Donnéeën am État civil net mat deenen um Diplom iwwereneestëmmen a si kéint opgrond vun dëser Ännerung diskriminéiert ginn.

Mäi Ministère ass sech där Problematik bewosst a léist dës Fäll am Interessi vun der concernéierter Persoun. Jiddwer Persoun, déi eng Attestatioun virleet, datt si hiren Numm oder hiert Geschlecht geännert huet, kritt ee Certificat, datt si Titulaire vun engem bestëmmten Diplom ass an datt dësen Diplom an de Registeren agedroen ass. Esou ee Certificat gëtt mat den aktuellen Date vun der Persoun ausgestallt, sou datt d'Inscriptiounen am État civil mat den Donnéeën um Certificat iwwereneestëmmen.

Dëse Certificat ass identesch mat deem, deen eng Persoun kritt, wann si hiren Diplom verluer huet; en dréit den offizielle Stempel vu mengem Ministère a gëtt sengem Titulaire déi selwecht Rechter wéi en Diplom. Domat bleift déi Persoun mat allen anere Persoune gläichgestallt, déi en Diplom hunn, an d'Gefor vun Diskriminéierung duerch eng Trans-Identitéit ass net méi ginn.

Ech hunn an deem Zesummenhang den 31. Januar 2019 eng Kommunikatioun un d'Lycéeën geschéckt.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-2004016-FR